CCPL
LU41 1111 0000 6565 0000

BCEE
LU03 0019 1000 2255 9000

CCRA
LU89 0090 0000 0200 3002

DEXIA
LU68 0021 1007 3870 0000

BGLL
LU55 0030 0169 2076 0000

BLUX
LU38 0080 9412 9800 1003

Code BIC de la banque du bénéficiaire

N° de compte du bénéficiaire

Nom de la banque du bénéficiaire (uniquement si code BIC non indiqué)

Nom et adresse du bénéficiaire

L Ë T Z E B U E R G E R K A N N E R D U E R F M I E R S C H

Communication au bénéficiaire

N° de compte du donneur d'ordre

Nom et adresse du donneur d'ordre (Max 4 lignes)

Frais à charge (par défaut = PARTAGES)

PARTAGES ou

Bénéficiaire ou

Donneur d'ordre

Date d'exécution souhaitée

EUR ou Montant

EUR

Date et signature

Code Pays

Code Pays de résidence

Reporting

Avis de débit

VIREMENT

Veuillez consulter les indications figurant au verso

Un caractère MAJUSCULE (BLEU ou NOIR) ou signe par case en cas d'écriture manuscrite

Dir kënnt eis hëllefen

1. Duerch en Don

All Betrag hëlleft eis

2. Duerch eng Ierfschaft

An de vergaangene Joeren hu sech Leit vergewëssert, dass en Deel vun deem, wat si sech am Liewen erschafft hunn, och no hirem Doud nach Guddes bewierkt:

Si hunn d'Fondatioun Lëtzebuerger Kannerduerf als Ierwen agesat

All Ierfschaft kënnt de Kanner zegutt, déi eis uvertraut sinn.

Intresséiert och Dir Iech fir dës Méiglechkeet, oder hutt Dir Froen, da rufft eis w.e.g. un. Mir behandelen Äert Uleies mat Diskretioun.

✆ 32 90 03 – 21

3. Duerch en Don vun Ärem Veräin

Mir komme gär bei Iech, fir Iech ze soen, wat mir fir d'Kanner maachen. Nach léiwer hu mir, wann Dir eis op Miersch besiche kommt.

4. Bei engem besonneschen Ulass

z. B. Hochzäit, Kanddaf, Gebuertsdag, Doudesfall asw., kënnt Dir drop hiweisen, dass Leit am Zesummenhank mat deem Evenement en Don un d'Kannerduerf kënne maachen.

Réduction d'impôt
Rappelons que chaque donateur peut déduire de son revenu imposable les dons effectués à notre œuvre.

Steuervorteil
Jede Spende kann vom besteuerbaren Einkommen abgezogen werden.

Membere vum Verwaltungsrot

Fondateur: Monsieur NILLES Marcel

Titre	Nom	Prénom	Profession	Fonction
Monsieur	SCHAUS	Jean-Nicolas	Directeur Général, CSSF, (en retraite)	Président
Madame	DUPONG	Lucy	Avocate	Vice-Présidente
Monsieur	OSCH	Eric	Economiste	Trésorier
Madame	WEYCKER	Félicie	Juriste	Secrétaire
Monsieur	CLOOS	Bernard	Architecte (en retraite)	Administrateur
Monsieur	DHAMEN	Luc	Architecte	Administrateur
Monsieur	EIPPERS	Jean	Ingénieur, ancien Directeur Goodyear (en retraite)	Administrateur
Madame	FONTAINE	Betty	Ingénieur, Directeur Général de la Brasserie Simon	Administrateur
Monsieur	FRANCK	Vincent	Juge d'instruction	Administrateur
Monsieur	HOFFMANN	Alphonse	Employé privé (en retraite)	Administrateur
Madame	JACOBY	Nadine	Médecin généraliste	Administrateur
Monsieur	JAMINET	Marcel	Médecin spécialisé en anesthésie-réanimation	Administrateur
Monsieur	LAUGS	Guillaume	Employé de banque (en retraite)	Administrateur
Monsieur	LENTZ	Albert	Fonctionnaire de l'Union Européenne (en retraite)	Administrateur
Madame	MERGEN-GAASCH	Renée-Anne	Ingénieur commercial	Administrateur
Monsieur	SCHUMANN	Romain	Chef des affaires culturelles de la BCEE (en retraite)	Administrateur
Monsieur	SUNNEN	Fred	Directeur de lycée (en retraite)	Administrateur
Monsieur	WEYER	Marc	Sous-Directeur, Saint-Paul LUXEMBOURG S.A.	Administrateur
Monsieur	ZIMMER	Jean-François	Directeur	Administrateur

Directeur général de la *Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf*: Monsieur THILL Régis

Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf
✆ 32 90 03-1 Fax: 32 99 40
E-mail: villagesos@kannerduerf.lu
www. kannerduerf.lu
Agrément ministériel N° EF/CA/01/048

SOS KANNERDUERF MIERSCH

saint-paul luxembourg

Nr. 86/2011

SOS KANNERDUERF MIERSCH

Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale la Grande-Duchesse

Frou Ouschteren an eng friddlech Zäit wënschen Iech d'Kanner aus dem Kannerduerf.

All Kand brauch eng Famill

SOS Kannerduerfsmamm – SOS Kannerduerfselteren

Ee Beruff, ee Liewen, eng Erausfuerderung, eng Satisfactioun

D'Lëtzebuerger Kannerduerf zu Miersch hëlt schon zënter 42 Joer Kanner op, déi net méi dauerhaft an hirer Famill wunne kënnen. A sougenannte Kannerduerfsfamillen wunnen d'Kanner mat enger Kannerduerfsmamm oder Kannerduerfselteren zesummen an engem Haus. Et ass jidderengem säin Doheem. Zesummen erliewen a gestalte si den Alldag. D'Kannerduerfsmamm/ d'Kannerduerfseltere suerge fir eng Bezéiung, di dréit, di Sécherheet gëtt. D'Kanner wuessen an engem Ëmfeld op, wou se sech gebuergen a respektéiert fillen. An engem Haus/Famill wunne bis zu 5 Kanner. Si bleiwen an der Famill, bis et Zäit ass, eege Weeër ze goen.

D'Audrey an den Dirk Weigerding (33 a 35 Joer al) sin **Kannerduerfelteren** an zënter 2008 am Kannerduerf Miersch aktiv.

Den Ufank

Audrey: *Ech wousst, dass et kéinnt schwiereg ginn an dass schwéier Momenter géinge kommen. Mee ech wousst awer och, dass glécklech Momenter dra wieren.*

Op kee Fall bedaueren ech dës Entscheedung geholl ze hunn, an dat ass e wichtege Punkt fir mech. Ech si glécklech hei ze sinn, mat de Kanner. Di belaaschtend Momenter kann ech unhuelen.

Vläicht hunn ech et am Ufank méi liicht gesinn, wéi et a Wierklechkeet ass. Et geet net ouni Emotiounen. Do ass op der enger Säit dat, wat ech als Kand erlieft hunn, an op der anerer Säit dat, wat d'Kanner erlieft hunn. Doraus siche mir dann zesummen dee richtege Wee.

Dirk: *Ech kann net soen, dass ech gemengt hätt, et wier liicht oder schwéier. Ech hunn alles op mech zoukomme gelooss. D'Audrey hat als Virbereedung jo e Joer an enger Kannersduerfsfamill matgeschafft. Sou konnt een sech drop astellen a wuessen an deem Joer.*

Den Alldag

Audrey: *Et geet net ouni Léift. Et muss een d'Kanner gären hunn. Da kënnt een och aus méi delikate Momenter eraus. D'Kanner spieren dat, datt se kënne Vertrauen hunn, an si hunn dech och da gären.*

Dirk: *Et ass wi bei engem sengen eegene Kanner: et kritt ee Verantwortung, et soll een se jo erzéien. Duerfir brauch een Ausdauer.*

Audrey: *Wat wichteg ass, et gëtt ee net eleng gelooss am Kannerduerf. Et kritt ee Berodung, Ënnerstëtzung. Am Ufank hunn ech gemengt, d'Institutioun Kannerduerf wier anengend. Et ass sécher net einfach privat an enger Ariichtung ze liewen. Mee haut kéinnt ech mer d'Ënnerstëtzung vun der Institutioun Kannerduerf net méi ewechdenken. Heiansdo reagéieren ech zwar méi emotional hefteg op alles, wat meng Spontanitéit bremst, awer ech hätt net d'Kraaft Flegemamm ze sinn ausserhalb, just privat, ouni Stäip vun der Organisatioun. Ob dat lo de pädagogesche Beroder ass oder d'Supervisioun, wann een un d'Grenze kënnt, ass een net eleng.*

Dirk: *Privat an Ariichtung ass net de Problem. De Problem wier éischter Privat an Eltereberuff. Et ass mol kee Problem. Et gëtt Aschränkungen. Fräizäit, Zäit fir sech an de Partner gi scho mi kleng. Wa Kanner do sinn, ass dat sou. Dat géllt mengen ech fir jidder Elteren.*

An der Koppel

Dirk: *Et kann ee net soen, ob et méi einfach ass als Kannerduerfsmamm eleng oder als Kannerduerfskoppel. Wann een eleng ass, falen d'Entscheedunge vläicht méi séier. Wann een sech zu 2 abrénge kann, dat ass schon net schlecht.*

Audrey: *Fir mech ass et wichteg, dass den Dirk do ass. Dat ass richteg berouegend. Wann ech mol un d'Grenz vum Ausflippe kommen, dann ass den Dirk do, deen d'Saach méi cool kuckt. Zu 2 gi mer dann eens. Mir schwätzen iwwert d'Erzéiung vun de Kanner, mir sinn eis net ëmmer eens, mä mir fanne Kompromësser.*

Di leiblech Eltere vun de Kanner

Dirk: *Ech fannen et wichteg, dass d'Kanner Kontakt zu hiren Elteren hunn. Mir hu jo gesinn, wéi schlecht et eisem Eelste gaangen ass, di Zäit, wou e kee Kontakt mat senger Mamm hat, wéi dat an him geschafft huet. Et muss een den Elteren eng Plaz ginn.*

Audrey: *Et deelt een d'Emotioune mat de Kanner, an iergendwéi deelt een och d'Eltere mat hinnen. Ech schwätze mat de Kanner doriwwer. An et ass och wichteg, dass ech mat den Elteren doriwwer schwätze kann.*

Zum Schluss:

Dirk: *D'Kannerlaachen ass dat Schéinst. Wa se laachen a frou sinn.*

Audrey: *Wann een heemkënnt an d'Kanner kommen engem entgéintgerannt a se jäize vu Freed.*

Une version française de ce bulletin peut être consultée sous www.kannerduerf.lu

D'Kannerduerf vu Miersch gëtt zu 80 % vum Stat finanzéiert. 20 % vun den Ausgabe mussen duerch Spenden ofgedeckt ginn.

❋

Wann Dir wëllt d'Kannerduerf zu Lëtzebuerg/Miersch ënnerstëtzen, da soe mir lech am Viraus merci fir all Don, deen Dir op ee vun eise Konten iwwerweist.

❋

D'Donen un d'SOS-Kannerduerf Miersch ginn ausschliisslech zu Lëtzebuerg verwäert. Wann Dir wëllt d'Kannerdierfer an der 3. Welt ënnerstëtzen, dann informéiert lech bei SOS-Villages d'Enfants-Monde a.s.b.l. zu Lëtzebuerg, rue Giesener, tél. 49 04 30-1.